Mir haten no der leschter Generalversammlung bis haut

- 8 réunionen vum Conseil d'administration
- Mir hun den Här Reef, Président vun der Union des syndicats d'intérêts locaux vun der Gemeng Letzebuerg gesin, ewou mir erem Member sin
- den 7.3. hatten mir hei am Sall eng assemblée extraordinaire fir eis Statuten ze änneren, uschleissend duerno hatten mir eng Opklärungsversammlung
- mir hun am Summer d'Vertrieder vun all eisen Parteien gesin fir hinnen ganz speziell eis lëscht Grengflächen zeweisen
- am selwechten contexte hatten mir 3x en RV mat der Natura, 2x mat den Eaux et Forêts an eng Ke'er mam Wasserwirtschaftamt
- mir hun Verdrieder vun der Velosintiative an vum Mouvement écologique gesin
- mir waren duerno beim Här Buergermeschter ewou mir Pläng gewisen kruten, déi eis awer guer net gefaalen können,
- mir hun op der Gemeng an enger réunion vum comité de prévention deel geholl

- mir kruten och den projet „TEMPO 30" virgestallt.
  Do well ech gleich soen datt den Här P.H. Meyers mir d'lescht Woch versechert huet datt desen projet giff an den nächsten Schefferot kommen an duerno offiziell den Gasperecher Leit virgestallt gin. D'Gemeng hat jo geschriwen datt d'Arbechten an der Beethovenstrooss giffen am September 2003 uffänken, mä si hun eis gesot datt dat ganzt giff vun dem projet Tempo 30 ofhänken.

- Den 29.4. wor déi lëscht Versammlung vum Stadtteilbeirat, duerno hun mir naischt méi héieren;

- Mir hun eis 3x mat den lokalen Verainer getraff an esou mat hinnen en flotten Manifestatiounskallenner op d'Béin bruegt. Zu dem Thema bleiwt just ze soen, datt et ëmmer Kritiker gouf an wärten gin, mä avis aux amateurs, si sollen et bësser machen. Ech well den Verainer vun hei aus en härzlechen Merci soen fir hir stark Participatioun un den lokalen évenementer.

- Dann hatten mir och nach eppes neies um Programm d'lescht Joer, mir hatten nämlech d'E'slecker Theaterfrënn op Besuch déi en flott Komediesteck gespillt hun, desen Owend war en groussen Succès. Mir sin och erem am Kontakt mat der Grupp an wann alles klappt kommen si och dest Joer erem op Gasperech.

Am März d'lescht Joer hun mir eng Petitioun gemach, +/- 980 Ennerschrefften hun mir gesammelt, mir hun dem Här Buergermeschter

bei engem RV op der gemeng dés Pétitioun iwerrecht. Dem Innenminister, dem Här Wolter hun mir eng Copie gescheckt. Mir wollten den autoritéiten domat soen ewéi wichteg datt eis eis Liewensqualitéit hei zu Gasperech ass. Mir hun eis gewiert datt d'Hogenbergstrooss soll weidergeféert gin an esou eis Sportsinstallatiounen an eist d'Grengs giff zerstéiert gin. Mir hun och gefrot datt den démolegen Parking résidentiel soll weidergefoert gin an net ausgebréet soll gin op d'Industriezonen.
Ech soen déenen Leit an och dénen Vereiner déi hei mat ënnerschriwen hun villmols Merci.
Wat d'Verlängerung vun der Hogenbergstross ubelangt, well ech awer hei soen, datt CSV schrëftlech an DP mëndlech eis verséchert hun datt an desem Schefferot neischt méi wärt geschéien, mir wärten awer kaum lang dovun drëmmen können, well mir sin secher duerno get et erem lass !!!! Mir sin och secher datt déi verschidden Leit aus den techneschen Servicer vun der Gemeng nach emmer am gangen sin weider un hirer Idee schaffen fir Gasperech zou ze betonne'eren.

Zu dem Zaitpunkt wossten mir nach nët datt wat mir haut wessen, nämlech datt d'Gemeng an d'Regierung nach grouss projet'sen hun zu Gasperech !!! an net nëmmen bei eis.....

Am September hun mir en Breif un d'Gemeng gescheckt ewou mir hinnen eis Idée présentéiert hun, déi Idee gouf zesummen mat der Natura an den Eaux et Forêts ausgeschafft. Si besteet dodraus fir d'fichtzonen vun der Drosbech ze restaure'eren, domat giff en verschidden effets'en erreichen nämlech :

- eng natirlech Leisung vun den Iwerschwemmungsproblemer
- eng écologesch an ländlech Opwärtung
- eng verbesserung vum Wasser
- eng biologesch Agriculture an d'exploitation vun produit'en, déi jo vum Staat stark subventionneiert göt
- an wat fir eis ganz wichteg wär d'Benotzen vun rekreativen Zonen duerch d'Schaafen vun verschiddenen natirlech zonen fir weiderhin Liewensqualitéit vun den Awunner vum quartier an der Emgegend ze garantéiren.

Mat deser Idee breichten d'Déierenasyl an Gaart an Heem net ze reckelen mä si könnten voll am Projet integré'ert gin. Och déi aaner Vereiner könnten hir infrastrukturen haalen an nach verbessert kre'en. Mir hatten och gefrot datt desen projet op Zesseng kënnt erweidert gin fir esou Zessengerbach mat ze integré'eren. Dest natirlech mam Aferständnis vum Zessengersyndikat mat dém mir eng gudd collaboratioun hun, genau ewéi mat dem Belair syndicat.

Leider hun mir op desen Breif keng Aentwert kritt, grad ewéi Natura, déi gefrot hun fir en RV op der Gemeng ze kre'en zesummen mat den E & F an dem Syndicat.

Kopie vun dem Breif ass gescheckt gin un den Oemweltminister, un d'Eaux et Forêts, un Natura, un den Intérieur, un Wasserwirtschaftamt, un den Aménagement du Territoire,un d'Agriculture, un Services techniques vun der Agriculture, an un den Interesseverain Cessange.

Et soll jo nemmen keen soen si weissten vun naischt eppes !!!

Ech well och hei drun erenneren, datt den europäeschen Gerichtshaff den 13.2.2003 décidéiert huet datt eis Legislatur net genuch duerzo beidreit vir sech no den d'Richtlinien vum Vulleschutz a vum Habitat ze conforméieren. Erescht virun en puer Déeg ass dat erem vun Europa aus rappele'ert gin. Et wär also eng gudd Geleenheet fir eng B.A. ze machen.

Mir hun en Bréif un Travaux publics gescheckt fir ze froen ewéi et mat eisem Dossier ass : datt entzecht wat si eis konnten soen ass datt den Dossier an den P. et Ch. leit an dass dat ganzt am globalen Projet ze gesin ass. Wat Pompjeskaser ubetrefft huet d'Bauteministesch en accord gin fir en Architektenconcours auszeschreiwen.

Mir hun geschriwen op d'Gemeng datt d'Mauer lanscht den engleschen Gaart an der Déportatiounsstroos zesummenfällt, si hun eis geäntwert datt si au courant vum Problem sin, also leit responsabilitéit och bei hinnen.

Mir hun eis agesaat datt bei den Gärt an der Hogenbergstrooss déi Leit déi Gärt hun an vun auswertz kommen gratis parken können, dat entzecht wat geschidd ass, ass dat déi eng Sait parking résidentiel ass, an déi aner Sait dem parking payant vun der zone industrielle ennerleit.

Mir hun en Fuesgängerstreif an rue Gluck an op den Eck Koltz/Rossini stroos kritt

An den engleschen Gaart den feierlech ageweiht gin ass huet d'Gemeng eis matgedéelt datt si den Bouleterrain den mir gefrot hun accordé'ert huet. Automaten mat Tuten sin opgehangen gin fir d'Muppendrecker ze entsuergen.

Mir hun och gefrot beim Fonds du Logement fir an der Sauerwiss dofun ofzegesin fir Fossgangerwéer ze réalise'eren an dest fir d'Secherheet an d'Intimiteit vun den Awunner zegarantéieren. Och soll eng définitif démarcation vun den terrains festgehalen gin. Déi Aarbechten déi am

jetzegen PAP virgesin sin breichten also nöt gemach ze gin. D'Gemeng huet eis versechert datt si hei voll hei hannert eis steet.

Mir hun eis observatiounen un Gemeng gescheckt wat den POS Findel ubelangt. Ech wollt heimat den Här Reeff, President vun der Usill froen op hien eis herno e puer Wuert zu dem Sujet wöllt soen.

Mir hun bei den CFL gefrot ewei et mat der Restauratioun vun der Eisebunnsbreck am Millewée ausgeseit, do sin Verhandlungen mat der Gemeng am gangen.

Zum Schluss wöll ech all deenen Leit Merci soen déi eis an eiser Aarbecht ënnerstetzt hun an déi eis gudd Rotschléi an Tuyau'en gin hun.
Iech soen ech Merci datt dir mir esou lang nogelauschtert hutt.

Jacquie Lakaff